# Par Parc Our Saint-Nicolas




*Foto: John Blankers*

**Parbréif Nr 8/2025**

**29. November 2025 – 18. Januar 2026**

E frouen a geseente Chrëschtdag
an all Guddes am Neie Joer 2026

Joyeux Noël et bonne et heureuse année 2026

Buon Natale e un felice Anno Nuovo 2026

Um Feliz Natale um Ano Novo 2026

Cheio de graças, prosperiadade e paz

*Jeannot Gillen, Carlos Romário Arnold, Diego De Lima,*
*Jürgen Kusch a Mandy Hofmann*

## *Action de grâce*

En regardant l'année qui s'achève, nos cœurs se remplissent d'une profonde gratitude pour toutes les grâces que Dieu a répandues sur notre communauté du Parc Our Saint Nicolas. Nous bénissons le Seigneur pour les enfants de la catéchèse, avançant avec un élan sincère sur le chemin de la foi, ainsi que pour ceux qui ont rejoint avec joie le service de l'autel. Nous Lui rendons grâce aussi pour les vingt-sept jeunes confirmés en juin dernier, témoignage vibrant de l'œuvre de l'Esprit Saint au milieu de nous, et pour le nouveau groupe déjà en marche vers ce sacrement. Les kermesses, les célébrations, et la grande joie que fut l'ordination sacerdotale de notre vicaire ont illuminé notre année, révélant une communauté vivante, unie et soutenue par la main bienveillante de Dieu.

***Noël : La lumière du Christ illumine notre cœur***
***et fait de nous des temoins d'espérance et de paix***

À l'approche de Noël, nos cœurs se tournent vers Celui qui vient éclairer nos vies d'une lumière nouvelle. « Le peuple qui marchait dans les ténèbres a vu se lever une grande lumière » (Is 9,1). Cette lumière, c'est le Christ, dont la venue réveille notre espérance et nous invite à accueillir la paix qu'Il offre au monde. Dans la douceur silencieuse de la crèche, Dieu se fait proche : humble, discret, mais porteur d'un amour infini qui rejoint chacun de nous là où nous sommes. Là, dans le regard de l'Enfant, se révèle la tendresse du Père.

Portés par cette lumière, nous désirons raviver en nos cœurs la joie de croire et le courage de vivre en témoins fidèles de l'Évangile. Que la sainte naissance du Sauveur inspire notre communauté à marcher sur des chemins d'unité, de fraternité et de générosité, et qu'elle accompagne chaque foyer tout au long de la nouvelle année. Que l'Enfant Jésus nous bénisse aujourd'hui, à Noël et sur tout le chemin qui s'ouvrira devant nous.

« Dans la lumière du Christ, chaque cœur devient
une lampe allumée pour l'humanité. » — *Pape Léon*

## *Natal: A luz de Cristo ilumina os nossos corações e nos torna testemunhas de esperança e de paz*

Ao concluirmos este ano, elevamos o coração em gratidão por todas as graças que Deus concedeu à nossa comunidade do Parc Our Saint Nicolas: as crianças da catequese e os novos acólitos que crescem na fé com alegria, os vinte e sete jovens que receberam a Confirmação e o novo grupo que já caminha para este sacramento, bem como as quermesses, celebrações e a inesquecível ordenação sacerdotal do nosso vigário, sinais de uma comunidade viva e unida. À medida que o Natal se aproxima, contemplamos a luz de Cristo que nasce para renovar a esperança, trazer paz e revelar na humildade da manjedoura o amor infinito de Deus por cada um de nós. Que esta sagrada Natividade inspire as nossas famílias a viverem na unidade, na generosidade e na fraternidade ao longo do novo ano.

«Na luz de Cristo, cada coração torna-se
uma lâmpada acesa para a humanidade.» — *Papa Leão*

*Diego de Lima, vicaire*

## *All deene villen benevolen Matarbechter/Innen aus der Par en häerzleche Merci !*

Mir soen all deenen, déi sech éierenamtlech an der Par, an eise Réit, Équipen a Veräiner, bei der Liturgie, der Kateches an der Diakonie oder beim Parbréif engagéieren, een ganz häerzleche Merci, och besonnesch deenen, déi fir Chrëschtdag déi schéin Krëppercher an eise Kierchen opriichten. Si hëllefen äis eise Glawen ze bezeien an en eise Gemeinschaften lieweg ze halen a virun ze ginn. Mir wënschen hinnen dobäi och an Zukunft vill Freed a Satisfactioun.

# Matdeelungen

## ***Parbüro*** *– kuerz Notiz:*

Tëscht dem 24. Dezember 2025 – 4. Januar 2026 ass eise Parbüro zu de Büroszäiten net ëmmer besat. Bei wichtegen Uleies kënnt Dir gär per Mail op parc-our@cathol-lu schreiwen. Mir äntweren sou séier wei méiglech op Är E-Mail.

## *Erneierung vum Abonnement fir de Parbréif*

Well d'Abonnement vum Parbréif den 31. Dezember 2025 ofleeft, biede mir Iech, wann Dir dat nach net gemaach hutt, äert Abonnement ze erneieren, andeems Dir fir d'Joer 2026, 15 € fir den normalen Abo an 20 €,wann de Parbréif per Post zu Iech kennt, op de Kont vum CGP 06 vun der Par Parc Our Saint-Nicolas mat der Mentioun « Abo Parbréif 2026 » iwwerweist.

Titulaire : **« KIERCHEFONG C.T./PARC OUR »**
Kont: **BCEELULL IBAN LU71 0019 5055 3949 6000**

Wann Dir de Parbréif per Post geschéckt kritt schreiwt w.e.g. „Post" mat an d'Mentioun.

Mir soen Iech villmools Merci fir Ären Interessi um Parliewen a Är Ënnerstëtzung.

*Äert Pastoralteam*

## *Réabonnement au bulletin paroissial*

Votre abonnement au bulletin paroissial arrivant à échéance le 31 décembre 2025, nous vous invitons, si vous ne l'avez pas encore fait, à vous réabonner au bulletin paroissial pour l'année 2026 en versant 15 € pour l'abonnement normal, et 20 Eur si le bulletin paroissial vous parvient par courrier, au compte du CGP 06 de la paroisse Parc Our Saint-Nicolas avec la mention « réabonnement au bulletin paroissial pour 2026 ».

Titulaire : **« KIERCHEFONG C.T./PARC OUR »**
Konto: **BCEELULL IBAN LU71 0019 5055 3949 6000**

Si vous recevez le bulletin paroissial par courrier postal, veuillez ajouter la mention « post » dans l'objet.

Nous vous remercions vivement de votre intérêt pour la vie de la paroisse et de votre contribution aux frais.

*Votre équipe pastorale*

## *Bärbelfeier an der SEO*
*Donneschdeg, den 4. Dezember 2025*

En Donneschdeg, de 4. Dezember 2025 feiere mir nees um 17:00 Auer am Besucherpavillon (P 5) vun der SEO déi traditionnel Mass zu Éier vun der helleger Bärbel, der Schutzpatréinesch vun den Biergleit, als Gedenkmass fir all déi, déi wärend der Bau- a Betribszäit vun der SEO gestuerwe sinn. D'Mass gëtt musekalesch begleed vun de Gesanksveräiner aus der Gemeng Pëtschent.

Duerno ass eng Receptioun.

## *Adventsfënster zu Nuechtmannischt*
*Méindeg, den 8. Dezember 2025*

D'Kulturkommissioun vun der Gemeng Pëtschent invitéiert e Méindeg, den 8. Dezember 2025 op hir Adventsfënster zu Nuechtmannischt an der Kierch. Wann Dir Loscht op ee puer flott a gesellig Momenter bei engem Patt Glühwäin hutt, da sidd Dir vun 18:00-19:30 Auer häerzlech agelueden.

Bréngt w.e.g. är eegen Tas fir de Glühwäin mat!

## *Concert vun der Houser Musik*
*Sonndeg, den 14. Dezember 2025*

E Sonndeg, de 14. Dezember 2025 um 17.00 Auer spillt d'Houser Musik e Concert mat Optrëtt vum Jugendensemble am Centre Culturel ënnert der Direktioun vum Marcel Richards.

Detailer fannt dir am Flyer an dëse Parbréif.

## *Night Vigil*
*Dënsdeg, den 16. Dezember 2025*

E Dënsdeg, de 16. Dezember 2025 ass op der Place de la Libération zu Houschent um 05.45 Auer nees déi traditionnel « Night Vigil » fir un d'Affer vun der Ardennenoffensiv ze denken an déi amerikanesch Befreier ze éieren. Duerno offréiert d'Gemeng Parc Housen eng Agape.

## *Concert – Christmas Special mat de Young So(u)ls*
*Samsdeg, de 20. Dezember 2025*

E Samsdeg, de 20. Dezember 2025 um 20.00 Auer spillen d'Young So(u)ls hire Chrëschtconcert am Centre Culturel zu Housen.

Detailer fannt Dir am Flyer an dëse Parbréif.

## *Krëppespill vun de Kommiounskanner*
*Sonndeg, den 21. Dezember 2025*

E Sonndeg, de 21. Dezember 2025 um 16:00 Auer féiren d'Kommiounskanner vun Housen hiert Krëppespill an der Kierch op.

## *Dräikinneksconcert vum Sängerbond Helvetia*
*Samsdeg, den 10. Januar 2026*

E Samsdeg, de 10. Januar 2026 um 20:00 Auer spillt de Sängerbond Helvetia Tandel hiren traditionellen Dräikinniksconcert an der Kierch zu Branebuerg.

## *Massbestellungen*

1. D'Massintentiounen mussen **fir d'éischt** am Sekretariat zu Veianen telefonesch (*83 41 13*) oder schrëftlech (per Mail un d'Adress *parc-our@cathol.lu* oder ausgefälltem Formular) bestallt ginn.
2. **An dann eréischt** kënnt Dir d'Suen op den Kont vun der zoustänniger Kierchefabrik iwwerweisen.
   Gitt w.e.g. den **Numm**, den **Datum** an d'**Uertschaft** vun der gewënschten **Massintentioun** un.

## *Konten fir d'Iwwerweisungen vun de Massintentiounen*

D'Suen fir d'Massintentiounen kënnen op den jeeweilege Kont vun der kommunaler Kierchefabrik iwwerwise ginn. Gitt w.e.g. den Numm un vun der Massintentioun an deen gewënschten Datum, deen mat dem Sekretariat ofgemaach ginn ass:

Fabrique d'église communale de Vianden/ CGP n°6/Fe n°14:
Titulaire: « KIERCHEFONG/VIANDEN »
**Kont: CCPL IBAN LU54 1111 0330 8710 0000**

Fabrique d'église communale de Parc Hosingen / CGP n°6/Fe n°12:
Titulaire: « KIERCHEFONG/PARC HOSINGEN »
**Kont: BCEE IBAN LU21 0019 4600 0054 8000**
fir Boukelz, Duerscht, Eesbech, Holztem, Housen, Houschent, Houschter-Déckt, Konstem, Näidsen, Roudersen a Wuelessen

Fabrique d'église communale de Pütscheid / CGP n°6/Fe n°13:
Titulaire: « KIERCHEFONG/Merscheid/Vianden »
**Kont: BCEE IBAN LU08 0019 3000 0270 3000**
fir Mierschent an Stolzebuerg

Fabrique d'église communale de Tandel / CGP n°6/Fe n°15:
Titulaire: « KIERCHEFONG »
**Kont: CCRA IBAN LU63 0090 0000 0302 6432**
fir Baastenduerf, Branebuerg a Furen.

An der ganzer Par gëllen déi nei Tarifer vun eiser Äerzdiözes:

- eng Wiertesmass: 20 €
- eng Sonndesmass: 30 €

Fir d'Begriefnisser an d'Hochzäiten kritt Dir eng demande d'offrande.

Kont vum CPG 06 vun der Par a fir Donen fir d'Parkatechees:
Titulaire: « KIERCHEFONG C.T. / PARC OUR »
**Kont: BCEELULL IBAN LU71 0019 5055 3949 6000**

# Gottesdéngschtuerdnung

## Ufank vum néie Kierchejoer am Joreskrees A
## 1. Adventssonndeg

*1. Lies.: Jes 2, 1-5; 2.Lies.:, Röm 13, 11-14a; Ev.: Mt 24, 29-44*

***« Dofir haalt och dir Iech prett, well de Menschejong kënnt zu enger Stonn, wou dir net drop gefaasst sidd! »*** *(MT 24,44)*

Den Advent ass déi Zäit, déi äis all Joers besonnesch dozou invitéiert, voll Hoffnung ze waachen an äis prett ze halen, fir äis Begéinung mam Jesus net ze verpassen. Well hien ass schonn an äis Welt komm an hie kënnt och emol an Herrlechkeet erëm. Hien léisst äis an der Tëschenzäit op eisem Pilgerwee net eleng, mee hie geet mat äis. Dofir loosse mir an de Schwieregkeete vum Liewen a vun eiser Zäit de Kapp net hänken. Mir soen all deenen, déi op besser Zäiten hoffen, an deenen, déi näischt méi erwaarden, datt mat him schonn eng nei Zäit ugefaangen huet. Hien invitéiert äis dozou, deen nächste Schrëtt mat Courage ze maachen, fir äis aus der Däischtert a säi Liicht ze féieren. Si mir bereet, äis vun him äis eisem Schlof an aus eiser Passivitéit räissen ze loossen? Si mir prett, äis vun him verwandelen ze loosse fir äis mat him fir eis Matmënschen an Nout a fir säi Räich anzesetzen?

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 29.11.2025** | | |
| | | *Keng Mass* |
| **Sonndeg, 30.11.2025** | | |
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass fir Tilly a Nic Groeff-Trausch |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *Zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass fir d'Famill Junker-Bauer |
| **Méindeg, 01.12.2025** | | |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 02.12.2025** | | **Heiliger Luzius,** *Bischof von Chur, Märtyrer (5. Jht.)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |

| | | |
|---|---|---|
| **Mëttwoch, 03.12.2025** | | **Heiliger Franz Xaver,** *Ordenspriester, Glaubensbote in Indien und Ostasien (+ 1552)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| **Donneschdeg, 04.12.2025** | | **Heilige Barbara,** *Märtyrerin in Nikomedien (+ 306)* **Heiliger Johannes von Damaskus,** *Priester, Kirchenlehrer (+ um 750)* |
| Stolzebuerg | 17:00 | Mass zu Éier vun der helleger Bärbel, Schutzpatréinesch vun de Biergleit, als Gedenkmass fir all déi, déi wärend der Bau- a Betribszäit vun der SEO, gestuerwe sinn. Gesonge vun de Choralen aus der Gemeng Pëtschent *(Besucher-Pavillon (P5))* |
| **Freideg, 05.12.2025** | | **Heiliger Anno,** *Bischof von Köln (+ 1075)* *Kee Rousekranz bis de 20. Februar 2026 (Faaschtenzäit)* |

## 2. Adventssonndeg A

***Kollekte: « Für das Diözesanwerk „Adveniat“ (Solidarität mit den Kirchen in Lateinamerika) »***

*1. Lies.: Jes 11, 1-10; 2. Lies.: Röm 15, 4-9; Ev.: Mt 3, 1-12*

***« Drot Friichten, déi äert Ëmdenke weisen ! »*** *(Mt 3,8)*

Déi Wierder, déi de Johannes den Deefer un d'Pharisäer an un d'Saduzäer riicht, déi bei hien komme, fir sech vun him deefen ze loossen, gëllen och fir äis an dëser Adventszäit, wou mir äis op d'Fest vum Jesus senger Gebuert virbereeden. Bei der Daf an deenen anere Sakramenter geet et net nëmmen drëms, e Ritus ze vollzéien. Mir mussen och bereet sinn, äis Schäinhellegkeet an eise Stolz opzeginn an äis an eisem Häerz an an eisem Denken ze änneren. Et geet net duer, datt mir no baussen zur Kierch gehéieren. Datt musse een och an eisem Handelen am Alldag kënne gesinn. Maache mir äis nei op fir dem Herrgott seng Gnod. Hien soll äis op riicht a gerued Weeër féieren, datt eist Häerz prett ass, hien op Chrëschtdag ze empfänken.

| | | |
|---|---|---|
| **Samsdeg, 06.12.2025** | | **Heiliger Nikolaus,** *Bischof von Myra (+ um 350)* |
| Branebuerg | 19:00 | Virowendmass |

| | | |
|---|---|---|
| **Sonndeg, 07.12.2025** | | |
| Furen | 09:00 | Mass fir Chantal Miller,<br>Mass fir Jos Schank |
| Mierschent | 09:00 | Mass als 1. Joermass fir Fons Reis,<br>Mass fir Margreit Dockendorff, Jeff Bastin a Ketty Reis-Gillen |
| Houschent | 10:30 | Mass zu Éier vun der helleger Bärbel<br>fir d'Kadetten vun der Houschter Sprëtz<br>Mass fir Clemi a Marie Kaes-Jans,<br>Marcel a Anna Wagener-Rischartz,<br>Ady a Josette Odem-Konen,<br>Mass fir Josy an d'Thérèse Schroeder<br>a Nikela Schroeder-Dimmer |
| Housen | 10:30 | Mass als Joermass fir Jean-Pierre Bernard,<br>Mass fir Lucie Molitor a<br>fir d'Familljen Molitor-Gloden a Loes-Mersch,<br>mat engem Optrëtt<br>vum ukrainesche Kannerchor<br>„MARYNONKA Luxembourg“ |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass fir d'Verstuerwe<br>vun der Famill Jacobsen-Becker |
| **Méindeg, 08.12.2025** | | **Hochfest der ohne Erbsünde empfangenen Jungfrau und Gottesmutter Maria** |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| Veianen-NK | 17:00 | Mass zu Éiren vun der Immaculata<br>mat de Fraen a Mammen Yolanda |
| **Dënsdeg, 09.12.2025** | | **Heiliger Johannes Didacus (Juan Diego)**<br>*Cuauhtlatoatzin, Einsiedler (+ 1548)*<br>**Heiliger Petrus Fourier,**<br>*Priester, Ordensstifter (+ 1640)* |
| Holztem | 10:45 | Mass |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |

| | | |
|---|---|---|
| **Mëttwoch, 10.12.2025** | | **Heilige Unsere Liebe Frau von Loreto** |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Bëttel | 18:00 | Mass fir Léon Petry,<br>Mass fir d'Verstuerwe<br>vun der Famill Petry-Sauber |
| **Donneschdeg, 11.12.2025** | | **Heiliger Damasus I.,** *Papst (+ 384)* |
| Laaschent | 19:00 | Mass als Joermass fir Norbert Winandy |
| **Freideg, 12.12.2025** | | **Gedenktag<br>unserer lieben Frau von Guadalupe** |

## 3. Adventssonndeg A
## « Gaudete »

*1. Lies.: Jes 35, 1-6a.10; 2. Lies.: Jak 5, 7-10; Ev.: Mt 11, 2-11*

***« Glécklech ass dann deen, deen u mir keen Ustouss hëlt. »*** *(Mt 11,6)*

Op dem Johannes den Deefer seng Fro nom Jesus senger Identitéit äntwert dësen mat sengen Heelungen. Seng Friichte leeën Zeechnes fir hien of als deen sengem Vollek versprachenen a vun him erwaarte Messias. Hien selwer ass dat grousst Zeechen, dat den Herrgott äis gëtt, datt hien op der Säit vun deene Kranken an Aarme steet. Loosse mir u senger Deemut keen Ustouss huelen, mee iwwert dëst schéint Zeeche vun Herrgott senger Léift a Baarmhäerzegkeet staunen an et frou an dankbar unhuelen. Loosse mir äis wéi de Jesus an den Déngscht vun de Sënder, deenen Aarmen, Verfollegten, Verdriwwene an Ënnerdréckte stellen an eis fir d'Erhale vun der Schëpfung asetzen. Esou si mir Zeie vun der Hoffnung fir eis Matmënschen, déi no engem echte Sënn fir hirt Liewe sichen.

| | | |
|---|---|---|
| **Samsdeg, 13.12.2025** | | **Heilige Luzia,** *Märtyrerin in Syrakus (+ 304)*<br>**Heiliger Odilia,** *Gründerin von Odilienberg und Niedermünster im Elsass (+ 720)* |
| Holztem | 10:00 | Mass<br>als 6. Wochemass fir Chantal Baustert-Peters |
| Wuelessen | 18:00 | Mass |
| Baastenduerf | 19:00 | Mass fir Anna a Jos Heger |
| **Sonndeg, 14.12.2025** | | |
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass fir d'Famill Lipperts-Rohen |

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 10:30 | Mass als 1. Joermass fir Anna Berscheid-Dahm |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht**<br>*am Sall ënnert der Sodalitéitskapell* |
| **Méindeg, 15.12.2025** | | |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| Holztem | 10:45 | **Chrëschtmass** |
| **Dënsdeg, 16.12.2025** | | **8. Dag viru Chrëschtdag** |
| Houschent | 05:45 | **Night Virgil** |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 17.12.2025** | | **7. Dag viru Chrëschtdag** |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Bëttel | 18:00 | Mass |
| **Donneschdeg, 18.12.2025** | | **6. Dag viru Chrëschtdag** |
| Longsdrëf | 19:00 | Rorate-Mass<br>als 4. Joermass fir Hélène Bormann-Faust |
| **Freideg, 19.12.2025** | | **5. Dag viru Chrëschtdag** |

## 4. Adventssonndeg A

***Kollekte: « Für die Aufgaben des Papstes im Dienste der Weltkirche. »***

*1. Lies.: Jes 7, 10-14; 2. Lies.: Röm 1, 1-7; Ev.: Mt 1, 18-24*

***« Jouseph, Jong vum David, fäert net, fir d'Maria, deng Fra, bei dech ze huelen ! Dat Kand, dat si erwaart, ass nämlech vum hellege Geescht… »*** *(Mt 1,20b-21)*

Den Engel vum Herrgott mécht dem hellege Jouseph Courage, seng Fra Maria mat deem Kand, dat si duerch d'Kraaft vum Hellege Geescht dréit, bei sech ze huelen an him e Numm ze ginn, deen op seng Roll hiweist. Den Herrgott invitéiert de Jouseph, e Geheimnis unzehuelen, dat hien net versteet, mee dat him uvertraut gëtt. Hien vertraut dem Herrgott a follegt him. Esou kann de Jesus als Jong vum David a Messias an eis Welt kommen an d'Mënschen aus Schold a Sënd retten als de « Gott-mat-äis », deen äis bedingungslos gär huet an äis hëlleft, déi aner wierklech gär ze hunn.

Och mir solle, wéi den hellege Jouseph, an aller Diskretioun, Behidder vum Herrgott sengem Geheimnis an der Welt sinn. Och eise Glawen ass net fir d'éischt een intellektuellt Verstoen, mee e Vertrauen an dem Herrgott säi Wuert, dat eist Liewe mat senge Krisen verwandelt an d'Quell vun eiser Freed an Hoffnung ass.

| | | |
|---|---|---|
| **Samsdeg, 20.12.2025** | | **4. Dag viru Chrëschtdag** |
| Veianen-TK | 16:00 | **Hochzäit** vu Ben Schintgen a Lisa Patz |
| Bëttel | 16:30 | **Daf** vum Levi Weiler |
| Branebuerg | 19:00 | Mass |
| Veianen-TK | 19:00 | Missa em português |
| **Sonndeg, 21.12.2025** | | **3. Dag viru Chrëschtdag** |
| Furen | 09:00 | Mass fir Jean-Pierre Theis,<br>Mass als Joermass<br>fir Antoine Kayser a Anna Heintz |
| Mierschent | 09:00 | Mass als Danksagungsmass fir 60 Joer Bestiednis vun den Eheleuten Scheidweiler,<br>Mass fir Jos Peffer, d'Famillje Peffer-Glesener a Heiles-Nober an Jos Weis |
| Housen | 10:30 | Mass als Stg. fir d'Famill Dirkes-Mailliet |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| Housen | 16:00 | **Kréppespill** |
| **Méindeg, 22.12.2025** | | **2. Dag viru Chrëschtdag** |
| Veianen-SB | 10:30 | **Chrëschtmass,**<br>Mass fir Metty a Madeleine Weyrich a Famill,<br>Mass fir Georges a Cathérine Clees-Schumacher |
| **Dënsdes, 23.12.2025** | | **Lëschte Dag viru Chëschtdag** |
| | | *keng Mass* |

*Massbestellung op E-Mail: parc-our@cathol.lu*

# Chrëschtzäit – Temps de Noël
# Helleg Owend – Veillée de Noël

*1. Lies.: 2 Sam 7, 1-5.8b-12.14a.16; Ev.: Lk 1, 67-79*

***Jesus Christus huet sech fir äis higinn, fir äis vun eise Feeler ze réngegen an aus äis säi Vollek ze maachen, dat dofir brennt, Guddes ze maachen*** *(Tit 2,14)*

Duerch seng Gebuert als Mënsch op dëser Welt huet de Jesus sech schwaach gemaach an ass fäeg ginn, ze leiden, aus Léift zu äis all, fir äis staark a couragéiert ze maachen. Mir kënnen all mam Paulus soen : Dem Herrgott säi Jong huet mech gär an hien huet sech fir mech higinn. (Gal 2,20) Fir mech, aus Léift zu mir. Doranner besteet d'Geheimnis vun der Chrëschtnuecht. « Fir äis Mënschen a fir eist Heel ass hien vum Himmel erofkomm », sangen a biede mir am Credo. Fir jiddereen vun äis ass de Jesus Mënsch ginn. Wa mir dat begräifen, da versti mir de Wäert vun eisem Liewen an de Wäert vun Liewe vun all Mënsch. Jo aus Léift zu äis ass de Jesus kleng a schwaach ginn, an huet gelidden, fir äis staark ze a couragéiert am Gudden ze maachen. Dofir Eier dem Herrgott a Fridden de Mënschen, déi a senger Gonscht stinn.

**Mëttwoch, 24.12.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Veianen-SA | 10:15 | **Chrëschtmass**,<br>gesonge vun der Chorale vu Furen |
| Baastenduerf | 16:00 | **Familljemass**,<br>Mass als 3. Joermass fir Jean-Pierre Miller,<br>Mass fir Emile Schmit a Helene Marano-Schmit |
| Housen | 18:00 | **Familljemass** |
| Wuelessen | 18:00 | **Chrëschtmass** |

# Chrëschtdag – Noël
# Héichfest vun der Gebuert vun eiser Här Jesus Christus – Nativité du Seigneur

*1. Lies.: Jes 52,7-10; 2. Lies.: Hebr 1,1-6; Ev.: Joh 1,1-18*

***Et huet nach kee jeemools den Herrgott gesinn. Deen,***
***deen eenzeg an eleng aus dem Papp gebuer ass – hien ass Gott –***
***an deen am Schouss vum Papp ass, hien huet äis vun him erzielt*** *(Joh 1,18*

Duerch de Jesus schwätzt dem Herrgott säi Jong selwer, deen vun Ufank un bei him ass an duerch deen alles geschaf ginn ass, zou äis. Hien seet äis, dass mir aus Léift a fir d'Léift geschaf gi sinn a vun Eiwegkeet hir gewollt sinn. Mat him

fänkt dem Herrgott säi Räich vu Fridden a Gerechtegkeet un, dat op déi baarmhäerzeger Léift vum Herrgott gegrënnt ass. Wa mir de Jesus a seng Botschaft unhuelen, dann triede mir mat him an e Kampf géint d'Däischtert vum Krich a vum Béisen, déi duerch d'Léift an d'Verzeiung, d'Prinzipen vun der Schëpfung, iwwerwonne gëtt.

**Donneschdeg, 25.12.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Stolzebuerg | 09:00 | **Chrëschtmass**,<br>Mass fir Ady ,Tilly an Aloyse Rausch, fir Blanche a Tom Rausch a fir Walter an Anna Spartz,<br>Mass fir d'Verstuerwe<br>vun de Famillje Clees-Hermes a Zanter-Heinen<br>Mass fir zu Éieren vun der Muttergottes<br>zum Dank, |
| Houschent | 10:30 | **Chrëschtmass**,<br>Mass fir Phillippe a Valerie Wagener-Schuller |
| Housen | 10:30 | **Chrëschtmass** |
| Veianen - TK | 10:30 | **Chrëschtmass**,<br>Mass fir Katharina, Aubin, Anna,<br>Friedrich a Klara Heintzen |
| Veianen – TK | 17:00 | Missa de Natal |

**Freideg, 26.12.2025** — **Stiefesdag,**
**Heiliger Stephanus,** *erster Märtyrer der Kirche*

| | | |
|---|---|---|
| Furen | 10:00 | Mass zu Éieren vum hellege Stephan,<br>Mass fir d'Famill Muller-Schank |
| Eesbech | 10:30 | **Chrëschtmass** |

## Fest vun der helleger Famill –
## Fête de la sainte famille de Jésus

*1. Lies.: Sir 3, 2-6.12-14 ; 2. Lies.: Kol 3, 12-21; Ev.: Mt 2, 13-15.19-23*

***« Erwäch, huel d'Kand a seng Mamm a laf fort an Ägypten, bleif do, bis ech dir Bescheed soen ! Den Herodes wëllt d'Kand nämlech sichen, fir et doutzemaachen. »*** *(Mt 2,13)*

Dem Jesus säi Liewen ass vun Ufank un a Gefor. De Kinnek Herodes gesäit an him e Rival a wëllt hien doutmaachen. Dem Herrgott säi Engel warnt de Jouseph a gëtt him den Uerder, an Ägypten ze flüchten. Loosse mir haut un all

déi vill Familljen op der Welt denken, déi aus verschiddenen Uersaachen op der Flucht sinn an hinnen eise Méiglechkeeten no hëllefen. Loosse mir och un all Familljen denken, déi eng schwéier Zäit duerchmaachen an an eng Kris gerode sinn. Den Herrgott soll hinnen hëllefen, se duerch Léift a Verzeien ze iwwerwannen. Loosse mir äis Ängscht an eis Schwieregkeeten duerch eist Lauschteren op dem Herrgott säi Wuert an eist Vertrauen a säi Bäistand iwwerwannen, wéi den hellege Jouseph.

| | | |
|---|---|---|
| **Samsdeg, 27.12.2025** | | **Heiliger Johannes,** *Apostel und Evangelist* |
| Walsdrëf | 18:00 | Mass zu Éieren vum hellege Johannes |
| Branebuerg | 19:00 | Virowendmass fir Emile a Marguerite Mailliet-Mausen |
| **Sonndeg, 28.12.2025** | | |
| Mierschent | 09:00 | Mass |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| **Méindeg, 29.12.2025** | | **5. Dag vun der Chrëschtoktav** |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 30.12.2025** | | **6. Dag vun der Chrëschtoktav** |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 31.12.2025** | | **7. Dag vun der Chrëschtoktav** |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Bëttel | 18:00 | Mass als 2. Joermass fir Felix Eischen |

## Neijoersdag – Héichfest vun der Muttergottes Maria
## Nouvel An, Solennité de Sainte Marie, mère de Dieu

*1.Lies.: Jes 60,22-27; 2.Lies.: Gal 4.4-7; Ev.: Lk 2,16-21*

***D'Hierden hunn zu Bethlehem d'Maria an de Jouseph fonnt an d'Këndchen,***
***dat an enger Krëpp louch a si hunn erzielt,***
***wat hinnen iwwer dëst Kand gesot gi war.*** *(Lk 2, 16-17*)*

D'Maria mierkt sech all déi Wierder, déi d'Hierden iwwert hirt Kand soen an denkt an hirem Häerz driwwer no. Si stellt hirt Kand an de Mëttelpunkt vun hirem Liewen a suergt mat vill Léift fir et. Dës zärtliche Firsuerg zeechent d'Mam-

men aus. D'Maria dréit wéi all d'Mammen d'Liewen an hirem Schouss an denkt mat äis iwwer eis Zukunft no, déi hirt Kand äis schenkt. Wa mir op dëser Welt wëlle Pilger voller Hoffnung sinn, da musse mir wéi si ëmmer nees nei d'Spooch vu der Léift an vun der Firsuerg léieren, fir eist Leben, fir d'Schöpfung, fir eis Matmënschen, besonnech déi, déi an Nout sinn. D'Maria soll äis als Gottesmamm an eis Mamm an dëser Zäit, déi vu Misstrauen a Gläichgültegkeet geprägt ass, dozou fäeg maachen, wéi si an hirt Kand  Matgefill a Firsuerg fir d'Mënschen ze empfannen a fir Fridden a Verséinung anzetrieden.

**Donneschdeg, 01.01.2026**

*keng Mass*

**Freideg, 02.01.2026** **Heiliger Basilius der Grosse,** *(+ 379) und*
**Heiliger Gregor von Nazianz,** *(+ 389),*
*Bischöfe und Kirchenlehrer*

## Héichfest Epiphanie – Erscheinung des Herrn
## Epiphanie du Seigneur

***Kollekte: «Für die Ausbildung einheimischer Priester in den jungen Kirchen.»***

*1.Lies.: Jes 60.1-6 2. Lies.: Eph 3,2-3a.5-6; Ev.: Mt 2, 1-12*

***« Wou ass de Kinnek vun de Judden, dee grad op d'Welt komm ass ? Mir hunn nämlech säi Stär am Oste gesinn, a mir si komm, fir hien unzebieden. »*** *(Mt 2,2)*

D'Stärendeiter aus dem Osten si vu wäit hir komm, fir de Jesus unzebieden an him hir Gowen ze iwwerreechen. Si hunn dofir keng Käschte gescheit, hunn hir Zäit geaffert a ware bereet, Risiken op sech ze huelen. Si hunn all Schwieregkeeten iwwerwonnen, op d'Seensucht vun hirem Häerz gelauschtert an sech dovunner leede gelooss. De Kinnek Herodes, d'Hohepriister an d'Schrëftgeléiert zu Jerusalem dogéint, déi sech am Meeschte freeë an als éischt erbäilafe missten, beweegen sech net. Si kënnen de Stärendeiter richteg soen, wou de Messias der Helleger Schrëft no gebuer gi sollt, mee si verloossen hir Léierpulter net. Si schéngen zefridden ze sinn mat deem, wat si hunn a maachen sech net méi op d'Sich no deem neie Kinnek.

Zu wéienger Kategorie gehéiere mir ? Gläiche mir den Hierden, déi an der Nuecht nach bei d'Krëpp lafen, oder de Stärendeiter aus dem Osten, déi sech mat Vertrauen op d'Sich nom Herrgott sengem Jong maachen, deen aus Léift zu äis Mënsch ginn ass, oder gehéiere mir zu deenen, déi nobäi sinn, awer him d'Dier vun eisem Häerz an eisem Liewe net opmaachen an onsensibel a gläichgülteg

fir seng Presenz sinn ? Loosse mir wéi d'Hierden an d'Stärendeiter bei de Jesus kommen, fir hien unzebieden, awer och seng Presenz an der Mass, am Aarmen, am Verloossenen, an eise Bridder a Schwësteren erkennen an him als missionaresch Chrëschten an hinnen déngen.

| | | |
|---|---|---|
| **Samsdeg, 03.01.2026** | | **Heiligster Name Jesu** |
| Baastenduerf | 19:00 | Virowendmass |
| **Sonndeg, 04.01.2026** | | |
| Houschent | 09:15 | Mass |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| **Méindeg, 05.01.2026** | | |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 06.01.2026** | | |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 07.01.2026** | | **Heiliger Valentin,** *Bischof von Rätien (+ 5. Jht.)*<br>**Heiliger Raimund von Penafort,**<br>*Ordensgründer (+ 1275)* |
| Bëttel | 18:00 | Mass |
| **Donneschdeg, 08.01.2026** | | **Heiliger Severin,** *Mönch in Norikum (+ 482)* |
| Laaschent | 19:00 | Mass fir René, Patrick, Eliane a Louis Zanier a Famill |
| **Freideg, 09.01.2026** | | |

## Fest vun der Daf vum Jesus –
## Fête du baptême du Seigneur

*1. Lies.: Jes 42, 5a.1-4.6-7; 2. Lies.: Apg 10, 34-38; Ev.: Mt 3, 13-17*

***« Dat hei ass mäi Jong, an ech hunn hie gär ; hie steet a menger Gonscht ! »*** *(Mt 3,17)*

Um Fest vum Jesus senger Daf erënnere mir äis mat Dankbarkeet, Vertrauen a Léift un eis eegen Daf. Beim Jesus senger Daf, wou hien déi ganz Gerechtegkeet erfëllt, weist den Herrgott äis säi Gesiicht a sengem Jong an hie léisst äis seng Stëmm héieren. Den Herrgott weist sech als Papp duerch säi Jong an trëtt esou

an en Dialog vu Gemeinschaft mat der ganzer Mënschheet. Seng Stëmm seet äis seng Léift fir säi Jong a fir äis all als seng Kanner.

Si mir äis bewosst, datt den Herrgott äis a sengem Jong Jesus gär huet an äis an eisem Liewe begleet ? Erkenne mir säi Gesiicht am Jesus an an eise Matmënschen a lauschtere mir op seng Stëmm ? Jo, feiere mir ëmmer nees äis Daf als eise neie Gebuertsdag am Hellege Geescht, déi äis d'Kraaft gëtt, dem Herrgott seng Gerechtegkeet als seng Kanner ze erfëllen, wéi de Johannes de Deefer an de Jesus.

**Samsdeg, 10.01.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Eesbech | 18:00 | Virowendmass<br>als 1. Joermass fir Mathias Portzen |
| Branebuerg | 20:00 | **Dräikinniksconcert**<br>organiséiert vum Sängerbond Helvetia Tandel |

**Sonndeg, 11.01.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Furen | 09:00 | Mass |
| Housen | 10:30 | Mass fir Mia Birchen-Lipperts a René Birchen,<br>Mass als Stg. fir d'Famill<br>Paula Baumann-Breidt,<br>Mass als Stg. fir R.D.R. Leiber,<br>José Leiber a Famill Leiber-Döner |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht**<br>*am Sall ënnert der Sodalitéitskapell* |

**Méindeg, 12.01.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |

**Dënsdeg, 13.01.2026** **Heiliger Hilarius, Bischof von Poitiers (+ 397)**

| | | |
|---|---|---|
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |

**Mëttwoch, 14.01.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |

**Donneschdeg, 15.01.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Longsdréf | 19:00 | Mass fir Jean-Pierre Theis |

**Freideg, 16.01.2026**

## Gebietswoch fir d'Eenheet vun den Chrëschten vum 18.-25. Januar 2026 – Semaine de prière pour l'unité des chrétiens du 18 au 25 janvier 2026

Thema: « Ein Leib und ein Geist, wie ihr auch berufen seid zu einer Hoffnung in eurer Berufung » (Eph 4,4)

Thème: « Il y a un seul corps et un seul Esprit, de même que votre vocation vous a appelés à une seule espérance » (Éph. 4,4).

## 2. Sonndeg am Liesjoer A

*1. Lies.: Jes 49, 3.5-6; 2. Lies.: 1 Kor 1, 1-3; Ev.: Joh 1, 29-34*

***« Kuckt, d'Lamm Gottes, dat d'Sënne vun der Welt ewechhëlt ! »*** *(Joh 1,29)*

De Johannes den Deefer erkennt als Prophéit a Virleefer vum Messias am Jesus d'Lamm Gottes, dat d'Mënsche vun hire Sënne befreit a si mam Herrgott an ënner eneen verséint. Hien staunt driwwer, datt dem Herrgott säi Jong solidaresch mat de Sënder ass a säi Liewen an der Kraaft vum Hellege Geescht fir si higëtt. Hien ass deen, op den den Hellege Geescht erofkënnt a bleift an de mat hellegem Geescht deeft an net nëmmen mat Waasser. Virun der Kommioun an der Mass veréiere mir och de Jesus als d'Lamm Gottes, dat d'Sënne vun der Welt ewechhëlt. Hei kënnt hien a sengem Wuert a Liewensbrout bei äis als deen, dee sech zu eisem Dénger gemaach huet, fir äis vum Béisen ze befreien an äis op eisem Wee ze stäerken. Loosse mir äis mat sengem Geescht erfëllen fir wéi den hellege Johannes Zeie vun deem Heel ze sinn, dat hien äis als dem Herrgott säi Jong duerch säin Affer um Kräiz bruecht huet.

| | | |
|---|---|---|
| **Samsdeg, 17.01.2026** | | **Heiliger Antonius,**<br>*Mönchsvater in Ägypten (+ 356)* |
| Branebuerg | 19:00 | Mass fir Nic a Catherine Molitor-Jungels<br>a fir Alphonse Molitor,<br>Mass als Stg. fir Baron de Rollingen<br>a fir d'Koppel Haber-Weiler |
| Veianen-TK | 19:00 | Missa em português |
| **Sonndeg, 18.01.2026** | | |
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass |
| Housen | 10:30 | Mass |

| | | | |
|---|---|---|---|
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass fir d'Verstuerwe<br>vun der Famill Jacobsen-Becker,<br>Mass fir Katharina, Aubin, Anna, Friedrich<br>a Klara Heintzen |

## *Redaktiounsschluss fir de nächste Parbréif:*

19. Dezember 2025 / parc-our@cathol.lu

Wann Dir Är Massen bestellt, passt wannechgelift op, datt déi nächst Porbréiwer wéi follegt publizéiert ginn. Villmols Merci!

| ***Parbréif*** | ***Period*** | ***Redaktiounsschluss*** |
|---|---|---|
| Nr. 01/2026 | 17.01.2026-15.02.2026 | 19.12.2025 |
| Nr. 02/2026 | 14.02.2026-29.03.2026 | 28.01.2026 |
| Nr. 03/2026 | 28.03.2026-25.05.2026 | 11.03.2026 |
| Nr. 04/2026 | 23.05.2026-12.07.2026 | 06.05.2026 |
| Nr. 05/2026 | 11.07.2026-13.09.2026 | 24.06.2026 |
| Nr. 06/2026 | 12.09.2026-25.10.2026 | 21.08.2026 |
| Nr. 07/2026 | 24.10.2026-29.11.2026 | 30.09.2026 |
| Nr. 08/2026 | 28.11.2026-24.01.2026 | 04.11.2026 |

## Kontakt: parc-our@cathol.lu

**Jeannot Gillen** – *Dechen a Moderator*
***Dechenshaus – Presbytère***
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
📞 83 41 13 / 621 14 72 25
🖂 jeannot.gillen@cathol.lu
**Carlos Romário Arnold** – *Paschtouer*
18, Kräizgaass – L-9807 Hosingen
📞 92 13 45 / 621 83 54 69
🖂 carlos-romario.arnold@cathol.lu

**Jürgen Kusch** – *Diakon*
📞 621 19 98 22
🖂 juergen.kusch@cathol.lu
**Diego De Lima** – *Vicaire*
📞 661 26 20 62
🖂 diego.delima@cathol.lu

Homepage:
***https://cathol.lu/parc-our***

***Parbüro Veianen –***
***Bureau paroissial à Vianden***
**Mandy Hofmann** – *Parsekretärin*
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
📞 83 41 13
🖂 parc-our@cathol.lu

| | |
|---|---|
| *Dënsdes / mardi :* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| *Mëttwoch / mercredi:* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| | *16.00 / 18.00 Auer* |
| *Freides / vendredi:* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| | *14.00 / 16.00 Auer* |


*Andrea Naumann*

## Das Versprechen von Weihnachten für eine unselige Welt

**Gott nimmt uns an die Hand
und sagt: Fürchtet euch nicht.
Ich, Gott, bin für
euch da. Immer. Ich halte
euch an meiner Hand.
Das könnt ihr
auch spüren.
Ich bin für
euch da,
wie ihr
für andere
da seid.**








Durch seine Menschwerdung schreibt sich Gott hinein in das Mensch-Sein, wird zur DNA des Menschen, zu seinem Erbgut, das alle menschliche Entwicklung prägt. Durch seine Menschwerdung sagt Gott – wie es der Theologe Karl Rahner beschrieben hat – sein Wort als unser Fleisch in die Leere des Nichtgöttlichen. Gott hat sich in die Welt eingefügt und durchläuft ihr Geschick mit dem Menschen bis zum Kreuz.



Foto: BuH/picture alliance/Zoonar|GRAZVYDAS JANUSKA

Am Fest der Heiligen Familie, in diesem Jahr am 28. Dezember, feiert die Kirche den Familiensonntag, der, eingebettet in ein familienpastorales Jahresmotto, die Bedeutung von Ehe und Familie würdigt und sich der Herausforderungen annimmt, vor denen Ehen und Familien heute stehen.



Die Flucht nach Ägypten von Josef und Maria mit dem neugeborenen Jesus gehört zu den bekanntesten Fluchterzählungen der Weltgeschichte. In Zeiten der weltweiten Migration von Millionen Familien mit Kindern in sichere Länder gilt diese biblische Story als eingängige Folie: Verfolgung, Angst, Existenznot der kleinen Familie und Suche nach Sicherheit in einem Nachbarland. Die irdische Familie Jesu gibt dem wehrlosen, kleinen Gottessohn das, was jede Familie besonders ihren Jüngsten und Schwächsten geben sollte: bedingungslose Liebe und Schutz. Deshalb bezeichnen wir sie auch als „heilige Familie", aber nicht als „heile Familie". Dazu braucht es Frieden, Freiheit von Verfolgung und wirtschaftliche Bedingungen, in denen Leben möglich ist.



**Reservéiert den Datum:**

**Samsdes**

# 10

**Januar 26**

# Wonnerstär

$20^{00}$ Auer traditionellen Dräikinniksconcert

## an der Kierch zu Branebuerg


Et sangen:

**De Sängerbond HELVETIA Gemeng Tandel**

an den A-Capella Ensembel

**The Duke´s Singers**



Nom Concert gemittlichen Ofschloss bäim Patt

SÄNGERBOND
**HELVETIA**
TANDEL


ni©
THE YOUNG SO(U)LS
CHRISTMAS SPECIAL
20 DEZEMBER 2025
20:00 AUER
CENTRE CULTUREL HOUSEN
FRAIEN ENTREE

D'HOUSER MUSEK
INVITÉIERT OP HIRE

# WANTER CONCERT

DE 14. DEZEMBER 2025
ËM 17:00

Zu Housen am Centre Culturel

Ënnert der Direktioun vum Marcel Richards

Mat Optrëtt vum Jugendensemble

FRÄIEN ENTRÉE

FIR IESSEN A GEDRÉNKS
ASS GESUERGT

# Par Parc Our Saint-Nicolas

## Firmung - Confirmation - Confirmação

**2025-2026**



**Préparation au sacrement de la Confirmation**

À partir de 16 ans

Un samedi par mois
de 10 h à 12 h

Pour plus d'informations
+352 661 262 062
834113 ou parc-our@cathol.lu